

N° 6705<sup>4A</sup>

## CHAMBER VUN DEN DEPUTÉIERTEN

Gewéinlech Sätzungsperiod 2017-2018

**G E S E T Z E S V I R S C H L A G**

Iwwer de Verbuet an der Ëffentlechkeet d’Gesicht ze  
verstoppen an iwwer d’Kompletéiere vu verschiddenen  
Dispositiounen vum Strofgesetzbuch

(“PROPOSITION DE LOI

ayant pour objet d’interdire la dissimulation du  
visage dans l’espace public et de compléter  
certaines dispositions du Code pénal”)

\* \* \*

**CORRIGENDUM**

(20.4.2018)

**RAPPORT VUN DER JURISTESCHER KOMMISSION**

(20.4.2018)

D’Kommissioun huet dës Memberen: Mme Viviane LOSCHETTER, Presidentin; Mme Joséé LORSCHÉ, M. Marc ANGEL, Mme Simone BEISSEL, M. Alex BODRY, M. Eugène BERGER, M. Franz FAYOT, M. Léon GLODEN, M. Paul-Henri MEYERS, Mme Octavie MODERT, M. Laurent MOSAR, Mme Lydie POLFER, M. Roy REDING, M. Gilles ROTH.

Fir déi Sëtzung vum der Juristescher Kommissioun, an deenen iwwer de Gesetzesvorschlag No 6705 diskutéiert gouf, ass den Auteur vum Text mat invitéiert ginn.

\*

**I. LEGISLATIV PROZEDUR**

De Gesetzesvorschlag No 6705 gouf de 17. Juli 2014 vum Deputéierte Fernand Kartheiser an der Chamber deposéiert. Den Text vum Gesetzesvorschlag war begleet vum enger Begrënnung (“exposé des motifs”) an engem Kommentar vum den Artikelen (“commentaire des articles”).

Wéi d’Prozedur am Chamberreglement (“Règlement de la Chambre des Députés”) et virgesäit, gouf de Gesetzesvorschlag ugeholl (“déclarée recevable”), an e gouf der Regierung de 14. Oktober 2014 geschéckt.

De Staatsrot huet säin Avis den 10. Juli 2015 erausginn.

An der Sëtzung vum der Juristescher Kommissioun vum 17. Januar 2018 huet den Auteur vum Gesetzesvorschlag dës virgestallt, an d’Kommissioun huet den Avis vum Staatsrot ënnersicht.

An engem Bréif un den Här President vum der Chamber vum 24. Januar 2018 huet den Auteur eng Rei vum Textännerungen (“amendements”) virgeschloen, fir d’Meenung vum Staatsrot ze berécksiichtegen.

Dës Textännerungen huet d’Juristescher Kommissioun an hirer Sëtzung vum 31. Januar 2018 ugeholl.

An engem Schreiwes (“Dépêche”) vum 1. Februar 2018 vum Här President vum der Chamber un den Här President vum Staatsrot, goufen dem Staatsrot déi Textännerungen iwwermëttelt. Ausserdem gouf dem Staatsrot e koordinéierten Text vum Gesetzesvorschlag virgeluecht, inklusiv déi Ännerungen, déi d’Juristescher Kommissioun vum Staatsrot iwwerholl huet.

Mam Datum vum 20. Mäerz 2018 huet de Staatsrot en zousätzlechen Avis (“avis complémentaire”) zu dësem Gesetzesvorschlag publizéiert.

An hirer Sëtzung vum 28. Mäerz 2018 huet d’Juristesche Kommissioun den Här Fernand Kartheiser zum Rapporteur vum Gesetzesvorschlag 6705 ernannt.

An hire Sëtzunge vum 28. Mäerz 2018 a vum 16. Abrëll 2018 huet d’Juristesche Kommissioun dem Staatsrot seng weider Observatiounen analyséiert an ugeholl.

An hirer Sëtzung vum 16. Abrëll 2018 huet d’Juristesche Kommissioun dëse Rapport ugeholl.

Eng grammatikalesch ofgeännert a verbessert Versioun vun dësem Rapport ass den 20. Abrëll 2018 an engem eestëmmege Vott vun der Juristescher Kommissioun guttgeheesch ginn.

\*

## II. SËNN AN ZWECK VUM GESETZESVIRSCHLAG

De Gesetzesvorschlag No 6705 huet d’Zil, am ganzen ëffentleche Raum d’Droe vu Gezei ze verbidden, dat d’Gesicht vun enger Persoun verstoppt an dowéinst d’Identifikatioun vun där Persoun net méi erméiglecht. En huet och d’Zil, déi Leit ze bestrofen, déi sech net un dee Verbuete halen, an och déi, déi eng aner Persoun wéinst där hirem Geschlecht dozou forcéieren, hiert Gesicht ze verstoppen, esou datt déi Persoun dann net méi kann identifizéiert ginn. Et versteet sech, datt dëst Gesetz sech net géint e Verstoppe vum Gesicht riicht, wann dëst aus gesondheetlechen oder beruffleche Grënn justifizéiert ass oder wann dat geschitt, fir kënnen u sportlechen Aktivitéiten, Fester, kënschtlerechen oder traditionellen Aktivitéiten deelzehuelen.

Dëse Gesetzesvorschlag riicht sech och net géint eng bestëmmte Relioun oder eng bestëmmten Tenue, an dowéinst fanne sech am Text vum virgeschloene Gesetz och keng Referenzen op eng bestëmmte Relioun oder e bestëmmt Kleedungsstéck.

Well et awer an Europa an och hei zu Lëtzebuerg ewell virkënnt, datt Frae vun islameschem Glawen eng “Burka” oder en “Niqab” unhunn, stelle sech Froen am Zesammenhank ënner anerem mat der ëffentlecher Sécherheet, mam Zesummeliewen an eiser Gesellschaft, der Integratioun a mam Oprechterhale vun der ëffentlecher Uerdnung an de Rechter vun de Fraen.

De Lëtzebuurger Staat war schonn an der Vergaangenheet mat dëser Problematik befaasst. De Regierungsrot hat dowéinst den 20. Juni 2014 en Text mam Titel „Directives aux directions des lycées et lycées techniques en vue d’une école neutre et tolérante“ ugeholl, deen d’Verstoppe vum Gesicht an de Schoule verbueden huet. Den Här Educatiounsminister huet deemools festgestallt: „Mer kënnen net hinhuelen, datt een säi Gesicht net weist, datt een also komplett verschleiert ass, (...)“.

Bis haut gëtt et hei zu Lëtzebuerg kee Gesetz, dat d’Fro vum Verstoppe vum Gesicht op nationalem Plang reegelt. Et ass eng Matière, déi iwwer Gemengereglementer gereegelt ass. Dëse Gesetzesvorschlag wëllt elo dëse Verbuete, deen et an eenzele Gemenge gëtt, op dee ganzen ëffentleche Raum op eise nationalen Territoire uwennen, fir domat iwwer einfach a liicht duerchsetzbar Dispositiounen, e gutt Zesummeliewen an enger oppener Gesellschaft ze erméiglechen a gläichzäiteg déi legitim Sécherheetsinteressien vun eiser Gesellschaft ze schützen.

A villen europäesche Staate gëtt et ewell Gesetze, déi d’Verstoppe vum Gesicht an der Ëffentlechkeet betreffen. Besonnesch wichteg an interessant fir Lëtzebuerg sinn an där Hisiicht Frankräich an d’Belsch, deenen hir Legislatiounen jo op eis e besonnesch groussen Afloss hunn.

An enger Äntwert op déi parlamentaresch Fro No 1445 vum 28. Juni 2011 hunn déi deemoleg Madamm Minister fir Educatioun, an déi deemoleg Härinnen Innenminister a Justizminister, an enger gemeinsamer Äntwert festgestallt, datt „le Gouvernement estime que ce volet est suffisamment couvert au niveau communal par les différents règlements de police communale qui interdisent notamment aux personnes de sortir le visage masqué“. A weider hat si präziséiert: „Un certain nombre de communes disposent d’un règlement communal de police qui contient une disposition portant interdiction de ‚paraître dans les rues, places et lieux publics à visage découvert ou cagoulé‘. Les décrets du 14 décembre 1789 relatifs à la constitution des municipalités et du 16-24 août 1970 sur l’organisation judiciaire constituent la base légale d’une telle disposition qui tire son bien-fondé de la préservation nécessaire de l’ordre public dans ses dimensions liées à la sécurité et à la tranquillité. Un règlement communal de police générale peut être adopté par le conseil communal conformément au principe de l’autonomie communale ancré à l’article 107 de la Constitution sans être soumis à l’approche formelle du Ministre

de l'Intérieur.“ D'Regierung huet weider matgedeelt: „Il n'est pas envisagé à ce stade de légiférer en la matière alors que le Gouvernement estime que ce volet est suffisamment couvert au niveau communal par les différents règlements de police communale qui interdisent notamment aux personnes de sortir le visage masqué.“

Den Auteur vun dësem Gesetzesvorschlag hält et fir net praktikabel an net ze kontrolléieren an net duerchsetzbar, fir esou e Verbuet net iwwer de Wee vun engem Gesetz am ganzen ëffentleche Raum vun eisem Land anzeféieren. Dës Approche vum nationale Verbuet ass och déi, déi eis franséisch a belsch Nopere gewielt hunn.

A Frankräich ass dat Gesetz iwwer d'Verstoppe vum Gesiicht den 11. Abrëll 2011 a Kraaft getrueden. Et ass géint dat Gesetz virum Europäesche Geriicht fir Mënscherechter geklot ginn. Den 1. Juli 2014, an engem definitiven Uerteel (requête n° 43835/11) vun der Grousser Kummer (“Grande Chambre”), huet dat Europäescht Geriicht fir Mënscherechter decidéiert, datt „l'interdiction de porter une tenue destinée à dissimuler son visage dans l'espace public en France n'est pas contraire à la Convention“. Déi Grouss Kummer gouf an dësem Fall vum Här Riichter Dean Spielmann presidéiert. Am Pressecommuniqué vum Geriicht heescht et : „La Cour a souligné que la préservation des conditions du ‚vivre ensemble‘ était un objectif légitime à la restriction contestée et que, notamment au regard de l'ample marge d'appréciation dont l'Etat disposait sur cette question de politique générale suscitant de profondes divergences, l'interdiction posée par la loi du 11 octobre 2010 n'était pas contraire à la Convention.“

Opground vun all dësen Iwwerleeungen hat den Auteur folgenden Text virgeschloen:

#### “TEXTE DE LA PROPOSITION DE LOI

**Art. 1er.** Nul ne peut, dans l'espace public, porter une tenue destinée à dissimuler son visage, en tout ou en partie.

**Art. 2.** Pour l'application de l'article 1er, l'espace public est constitué des voies publiques ainsi que des lieux ouverts au public ou affectés à un service public. L'interdiction prévue à l'article 1er ne s'applique pas si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives ou réglementaires, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s'inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles.

**Art. 3.** La méconnaissance de l'interdiction édictée à l'article 1er est punie de l'amende prévue pour les contraventions de quatrième classe.

**Art. 4.** Le code pénal est modifié et complété comme suit: 1. L'article 563 du titre X du livre II du Code pénal est complété par le tiret ter suivant: „10° Ceux qui dans l'espace public portent une tenue destinée à dissimuler leur visage en tout ou en partie, sauf si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives ou réglementaires, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s'inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles“

2. Après le chapitre V du Titre VIbis du code pénal, il est inséré un chapitre VII ainsi rédigé:

#### „Chapitre VII. De la dissimulation forcée du visage

**Art. 460-1.**– Sera puni d'une peine d'emprisonnement de huit jours à deux ans et d'une amende de 251 à 2.000 euros, ou de l'une de ces peines seulement, celui qui impose, en raison de leur sexe, à une ou plusieurs autres personnes de dissimuler leur visage, en tout ou en partie, par menace, violence, contrainte, abus d'autorité ou abus de pouvoir. Sera puni d'un emprisonnement de six mois à cinq ans et d'une amende de 501 euros à 5.000 euros, celui qui commet ce fait au préjudice d'un mineur“.”

### III. DEN ÉISCHTEN AVIS VUM STAATSROT

De Staatsrot huet säin Avis den 10. Juli 2015 erausginn.

An enger detaillierter Analys geet de Staatsrot op d'Diskussioun ronderëm e "Vermummungsverbot" an, rappeliert an exposéiert am Besonneschen d'Uerteel vun der Grousser Kummer vum Europäesche Geriicht fir Mënscherechter vum 1. Juli 2014. Doniewent erënnert hien och un aner, méi politesch, Stellungnamen zu deem Thema an internationale Gremien.

De Staatsrot ass sech bewosst, dass esou e Verbuet, och wann e justifiéiert si kann, en Agrëff a verschidde Fräiheete kann duerstellen, wéi z.B. d'Recht op e Privatliwwen, d'Gewëssensfräiheet, d'Reliounsfräiheet oder d'Meenungsfräiheet. En ënnersicht deemno genee déi verschidden Argumenter, déi och am Uerteel vum Europäesche Geriicht fir Mënscherechter zur Sprouch koumen, wéi z.B. déi ëffentlech Uerdnung, d'Sécherheet, d'Zesummeliwwen an der Gesellschaft an d'Gläichheet tëschent de Männer an de Fraen.

Am Verlaf vu sengen Iwwerleeunge freet de Staatsrot sech awer och, ob net vläicht eng Léisung op der Basis vu kommunale Reglementer kéint fonnt ginn, wéi duerch d'Festleeë vu gemeinsame Kaderen, an ob een net och kéint engem Minister oder der Regierung ähnlech Kompetenze gi wéi déi vun de Gemengen, fir de Fall, wou e Sécherheitsrisiko kéint méi wéi nëmmen eng Gemeng betreffen.

"Le Conseil d'État s'interroge dans ce contexte s'il n'est pas envisageable de prévoir un cadre légal fixant des critères à respecter par toutes les communes lorsqu'elles adoptent de telles mesures.

En outre, le Conseil d'État est à se demander s'il n'est pas utile d'attribuer une compétence, similaire à celles des communes, à un ministre, voire au Gouvernement pour prendre des mesures ponctuelles en cas de risque sécuritaire concernant plus qu'une seule commune. "

Um Enn vu sengen Ausféierungen iwwerléisst de Staatsrot et der Chamber, déi politesch Opportunitéit vun engem Gesetz iwwer d'Verstoppe vum Gesiicht an der Ëffentlechkeet ze beuerteelen.

"Comme l'interdiction de la dissimulation du visage dans l'espace public relève de l'opportunité politique à apprécier par la Chambre des députés, le Conseil d'État laisse à celle-ci l'appréciation des suites à réserver à la proposition de loi sous examen. Il se doit toutefois de souligner que l'ingérence dans les libertés publiques qu'une telle loi impliquerait nécessairement devra dans tous les cas être justifiée par un objectif légitime, être proportionnelle au but recherché et nécessaire pour atteindre l'objectif visé."

Wat speziell d'Gesetzesinitiativ No 6705 betrëfft, mécht de Staatsrot eng Rei vun Observatiounen.

D'Artikelen 1, 2, an 3 si senger Meenung no redundant mam virgeschloenen Artikel 4 a sollen dowéinst gestrach ginn. Den Artikel 4 soll also den Artikel 1 ginn.

Wat den Artikel 4 (Artikel 1 nom Staatsrot) ugeet, stellt de Staatsrot fest, dass deen Artikel duerch d'Aféiere vun engem neie Punkt 10° am Artikel 563 vum Strofgesetzbuch wëllt déi bestrofen, déi am ëffentleche Raum hiert Gesiicht ganz oder deelweis verstoppen: „ceux qui dans l'espace public portent une tenue destinée à dissimuler leur visage en tout ou en partie“. De Staatsrot mengt, dass déi Formulierung en Amalgamm tëschent deene pertinente franséischen („tenue destinée à dissimuler leur visage“) a belschen („en tout ou en partie“) gesetzleche Bestëmmungen ass, dobäi awer e ganz wichtegt Element vum belsche Gesetz ewechléisst, nämlech dass d'Gesicht muss esou verstoppt sinn, dass eng Identifizierung vun där Persoun net méiglech ass.

Dowéinst ass de Staatsrot der Meenung, dass déi virgeschloene Formulierung ouni déi Präzisioun ze wäit geet an domat net proportionell an néideg ass, fir dat gewënscht Ziel ze erreechen. Domat wär si net kompatibel mat deenen an der Verfassung an an der Mënscherechtskonventioun vum Europarat garantéierten individuelle Fräiheeten. Dowéinst freet de Staatsrot – andeem e mat enger formeller Oppositioun dreet ("sous peine d'opposition formelle") –, dass entweder dee Sazdeel „en tout ou en partie“ soll gestrach ginn, oder awer, dass misst präziséiert ginn, dass d'Gesicht misst esou verstoppt gi sinn, dass eng Identifizierung vun der betraffener Persoun net méiglech wär.

Wat dee virgeschloenen Artikel 563, Punkt 10° ugeet, stellt de Staatsrot fest, dass en d'Méiglechkeet virgesäit, Ausnamen iwwer de Wee vun engem Reglement ze erméiglechen.

Hie ríft an Erënnerung, dass den Artikel 12 an der Verfassung e Prinzip vun der Ursach vun der Beschëllegung ("légalité des incriminations") am Gesetz virgesäit, an dass dowéinst och d'Ausname mussen duerch e Gesetz präziséiert ginn. Och hei dreet de Staatsrot mat enger formeller Oppositioun, wann déi Dispositioun, déi Ausnamen op reglementarescher Basis envisagéiert, net sollt gestrach ginn.

De Staatsrot freet sech, an der Suerg ëm eng héich genuch Präzisioun vum Text, ob esou Begrëffer wéi z.B. eng “manifestation traditionnelle” net misste méi genee definéiert ginn an och wat fir medezinesch Ursachen dann akzeptabel wäeren?

De Staatsrot suggeréiert weider, och déi Notioun vum “ëffentleche Raum” (“espace public”) méi ze präziséieren, a recommandéiert dofir de Begrëff “ëffentlech Plaz” (“lieu public”), wéi en am Artikel 135 – 10 vum Strofgesetzbuch steet, allerdéngs ouni dat Wuert “religieux” an eventuell esouguer mat Ausschloss vun all Plaz, déi zu Kultuszwecker déngt.

Wat de Punkt 2° vum virgeschloenen Artikel 4 (Artikel 1 nom Staatsrot) ugeet, stellt de Staatsrot fest, datt am Abléck kee Kapitel VIbis am Strofgesetzbuch steet. De Staatsrot proposéiert dowéinst, en an de “livre II, titre VIII” vum Strofgesetzbuch anzeschreiwen, deem säi lescht Kapitel am Abléck d’Kapitel VIbis ass (“De quelques autres délits contre les personnes”), wou e sollt e Kapittel VII ginn.

\*

#### IV. TEXTÄNNERUNG VUM AUTEUR

An der Sëtzung vun der Juristescher Kommissioun vum 17. Januar 2018 huet den Auteur vum Gesetzesvorschlag dëse virgestallt an d’Kommissioun huet den Avis vum Staatsrot vum 10. Juli 2015 ënnersicht.

Wéinst den Observatiounen, déi de Staatsrot a sengem Avis vum 10. Juli 2015 formuléiert hat (parlamentarescht Dokument 6705<sup>1</sup>), war et néideg, de Gesetzesvorschlag a senger initialer Redaktioun an enger Rei vu Punkten ofzeänneren.

An enger éischter Textännerung huet den Auteur virgeschloen, d’Artikelen 1, 2 an 3 ze sträichen, well de Staatsrot déi als redundant mam Artikel 4 ugesinn huet.

An enger zweeter Textännerung schléit den Auteur vir, deen alen Artikel 4 zu engem neien Artikel 1 (Article 1er) ëmzenummeréieren, an en esou ze änneren, wéi de Staatsrot et virgeschloen hat.

Dat heescht am Besonneschen, datt op zwou Plazen den Text duerch déi Präzisioun „de manière à rendre impossible l’identification de la personne » vervollstännegt gouf an datt déi Wierder « ou réglementaires » gestrach goufen. Ausserdeem gouf d’Referenz op d’Plaz vum virgeschloenen Artikel 460 – 1 genee esou ëmgeschriwwen, wéi de Staatsrot dat virgeschloen hat.

Déi virgeschloen Textännerung liest sech also esou :

« *Amendement 2* :

L’ancien article 4 devient l’article 1<sup>er</sup> et est libellé comme suit :

« **Art. 1<sup>er</sup>.** Le Code pénal est modifié et complété comme suit :

1. L’article 563 du titre X du livre II du Code pénal est complété par le tiret ter suivant :

« Ceux qui dans l’espace public portent une tenue destinée à dissimuler leur visage en tout ou en partie de manière à rendre impossible l’identification de la personne, sauf si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives ou réglementaires, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s’inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles »

**2. Après le chapitre V du Titre VIbis. du code pénal, il est inséré un chapitre VII ainsi rédigé:**

Il est inséré au livre II, titre VIII du Code pénal un chapitre VII qui prend la teneur suivante :

#### « **Chapitre VII. De la dissimulation forcée du visage**

**Art. 460-1.**– Sera puni d’une peine d’emprisonnement de huit jours à deux ans et d’une amende de 251 à 2.000 euros, ou de l’une de ces peines seulement, celui qui impose, en raison de leur sexe à une ou plusieurs autres personnes de dissimuler leur visage, en tout ou en partie de manière à rendre impossible une identification de la personne, par menace, violence, contrainte, abus d’autorité ou abus de pouvoir.

Sera puni d’un emprisonnement de six mois à cinq ans et d’une amende de 501 euros à 5.000 euros, celui qui commet ce fait au préjudice d’un mineur. » »

D'Suppressioun vun der Méiglechkeet, iwwer e Reglement Ausname virzegesinn, entsprécht dem „principe de la légalité des incriminations“ aus dem Artikel 12 vun der Verfassung, esou wéi de Staatsrot en ervirgehuewen hat.

Déi zousätzlech Präzisioun „de manière à rendre impossible une identification de la personne“ ass en zentraalt Element vun der belscher Legislatioun, déi dëse Gesetzesvirschlag zum Deel inspiréiert hat. Si verhënnert eng iwwerdriwwen oder falsch Uwendung vum virgeschloene Gesetz, well dëst jo net déi Fäll wëllt behandelen, wou et trotz enger deelweiser Vermummung vum Gesiicht méiglech bleift, eng Persoun ze identifizéieren.

Et kann ee sech jo z.B. virstellen, datt kierperlech Charakteristika oder Präferenze bei der Kleedung wéinst dem Wieder d'Ursach vun engem partiellen, zäitweilige Verstoppe vun engem Deel vum Gesiicht si kënnen, ouni datt doduerch d'Persoun net méi kéint identifizéiert ginn.

\*

## V. D'AARBECHTEN AN DER JURISTESCHER KOMMISSIOUN

An hirer Sëtzung vum 31. Januar 2018 huet d'Juristesche Kommissioun déi vum Auteur virgeschloen Textännerung diskutéiert an duerch eng Ofstëmmung ugeholl (eng Stëmm dofir, zwielef Enthaltungen).

An engem Schreiwes („Dépêche“) vum 1. Februar 2018 vum Här President vun der Chamber un den Här President vum Staatsrot, goufen dem Staatsrot déi Textännerungen iwwermëttelt. Ausserdeem gouf dem Staatsrot e koordinéierten Text vum Gesetzesvirschlag – mat deenen Ännerungen, déi d'Juristesche Kommissioun vum Staatsrot iwwerholl huet, – virgeluecht.

Am Titel vun deem Schreiwes gouf de Gesetzesvirschlag esou genannt (Chamberdokument 6705<sup>2</sup>): „Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal“.

De koordinéierten Text huet sech esou gelies:

### “TEXTE COORDONNE

**Art. 1er. Nul ne peut, dans l'espace public, porter une tenue destinée à dissimuler son visage, en tout ou en partie.**

**Art. 2. Pour l'application de l'article 1er, l'espace public est constitué des voies publiques ainsi que des lieux ouverts au public ou affectés à un service public. L'interdiction prévue à l'article 1er ne s'applique pas si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives ou réglementaires, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s'inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles.**

**Art. 3. La méconnaissance de l'interdiction édictée à l'article 1er est punie de l'amende prévue pour les contraventions de quatrième classe.**

Article 4. **1er.** Le Code pénal est modifié et complété comme suit : 1. L'article 563 du titre X du livre II du Code pénal est complété par le tiret ter suivant : « Ceux qui dans l'espace public portent une tenue destinée à dissimuler leur visage en tout ou en partie **de manière à rendre impossible l'identification de la personne**, sauf si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives **ou réglementaires**, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s'inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles »

Il est inséré au livre II, titre VIII du Code pénal un chapitre VII qui prend la teneur suivante :

**2. Après le chapitre V du Titre VIbis. du code pénal, il est inséré un chapitre VII ainsi rédigé:**

« Chapitre VII. De la dissimulation forcée du visage Art. 460-1.– Sera puni d'une peine d'emprisonnement de huit jours à deux ans et d'une amende de 251 à 2.000 euros, ou de l'une de ces peines seulement, celui qui impose, en raison de leur sexe à une ou plusieurs autres personnes de dissimuler leur visage, en tout ou en partie **de manière à rendre impossible une identification de la personne**, par menace, violence, contrainte, abus d'autorité ou abus de

pouvoir. Sera puni d'un emprisonnement de six mois à cinq ans et d'une amende de 501 euros à 5.000 euros, celui qui commet ce fait au préjudice d'un mineur. »

\*

## **VI. DEN ZOUSÄTZLECHEN AVIS VUM STAATSROT ("Avis complémentaire")**

Den 20. Mäerz 2018 huet de Staatsrot en zousätzlechen Avis erausginn, an deem hie Stellung zu deem Schreiwes geholl huet, dat de President vun der Chamber him den 1. Februar 2018 geschéckt hat.

Déi zwou Textännerungen, déi an deem Schreiwes virgeschloe goufen, hunn, wat hire Fong ugeet, keng Observatioune vum Staatsrot provoziert.

Et goufen allerdéngs zwou legistesche Observatioune zu deem proposéierten, koordinéierten Text a sengem Titel.

Wat den Titel ugeet, huet de Staatsrot dorop opmierksam gemaach, datt déi Wierder "du visage" sollte bäibehale ginn, well en da besser ze verstoe wär an dem Gesetzesvorschlag besser géing entsprechen.

Eng zweet Textännerung vum Staatsrot huet sech op den aféierende Saz fir den neien Artikel 1, Punkt 1 (article 1er, point 1°) bezunn, dee sech besser esou sollt liesen:

« l'article 563 du titre X du livre II du Code pénal est complété par un point 10° suivant ».

D'Opzielung am Artikel ass nämlech a Punkten an net an Tireten ënnerdeelt.

De Saz, deem d'Äfuge vun engem neie Kapitel VII am Buch II (livre II), Titel VII (titre VII) vum Strofgesetzbuch ukënnegt, muss vun engem Punkt 2° ageleet ginn.

\*

## **VII. WEIDER AARBECHTEN AN DER JURISTESCHER KOMMISSION**

An hirer Sëtzung vum 28. Mäerz 2018 huet d'Juristesche Kommissioun den Här Fernand Kartheiser zum Rapporteur vum Gesetzesvorschlag 6705 ernannt.

An hire Sëtzung vum 28. Mäerz 2018 a vum 16. Abrëll 2018 huet d'Juristesche Kommissioun dem Staatsrot seng weider Observatioune analyséiert an ugeholl.

An hirer Sëtzung vum 16. Abrëll 2018 huet d'Juristesche Kommissioun dese Rapport ugeholl.

\*

Déi Juristesche Kommissioun ënnersträicht, dass d'Dispositiounen aus deem Rapport ausschliisslech de Point de vue vum Auteur vum Gesetzesvorschlag 6705 erëmispigelen. D'Majoritéit vun de Membere vun der Juristescher Kommissioun ka sech mam Inhalt vun deem Rapport net identifizéieren. D'Juristesche Kommissioun huet de 16. Abrëll 2018 duerch eng Majoritéit an enger Ofstëmmung bestëmmt, datt si der Chamber réit dese Gesetzesvorschlag net unzehuelen. D'Kommissioun begrënt hir Decisioun domat, datt de Gesetzesentwurf vun der Regierung (doc. parl. 7179) eng méi nuancéiert Approche duerstellt wat e Vermummungsverbuert am öffentleche Raum ugeet. Dee virgenannte Gesetzesentwurf gräift manner streng an déi individuell a kollektiv Fräiheete vun de Bierger an.

\*

**VIII. TEXT VUM GESETZESVIRSCHLAG**  
**(“Texte de la Proposition de loi”)**

**PROPOSITION DE LOI**  
**ayant pour objet d’interdire la dissimulation du**  
**visage dans l’espace public et de compléter certaines**  
**dispositions du Code pénal**

“ **Article 1er.** Le Code pénal est modifié et complété comme suit :

1. L’article 563 du titre X du livre II du Code pénal est complété par un point 10° suivant :

« Ceux qui dans l’espace public portent une tenue destinée à dissimuler leur visage en tout ou en partie de manière à rendre impossible l’identification de la personne, sauf si la tenue est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives, si elle est justifiée par des raisons de santé ou des motifs professionnels, ou si elle s’inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles »

2. Il est inséré au livre II, titre VIII du Code pénal un chapitre VII qui prend la teneur suivante :

**« Chapitre VII. De la dissimulation forcée du visage**

**Art. 460-1.**— Sera puni d’une peine d’emprisonnement de huit jours à deux ans et d’une amende de 251 à 2.000 euros, ou de l’une de ces peines seulement, celui qui impose, en raison de leur sexe à une ou plusieurs autres personnes de dissimuler leur visage, en tout ou en partie de manière à rendre impossible une identification de la personne, par menace, violence, contrainte, abus d’autorité ou abus de pouvoir.

Sera puni d’un emprisonnement de six mois à cinq ans et d’une amende de 501 euros à 5.000 euros, celui qui commet ce fait au préjudice d’un mineur.» ”

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2018

*De Rapporteur,*  
Fernand KARTHEISER

*D’Presidentin,*  
Viviane LOSCHETTER